PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 17/07/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Bannenzeg Sécherheet, Aarbecht & Justiz weiderzeleeden.

No engem rezenten Reportage op RTL, wëllen d'Piraten méi wëssen iwwert d'Situatioun vum Mënschenhandel hei zu Lëtzebuerg. De Marc Goergen an de Sven Clement froen bei de responsabelen Ministeren no. Hei fannt Dir d'Question parlementaire zum Sujet:

Rezent huet RTL Tëlee Lëtzebuerg en Documentaire publizéiert, bei deem et ëm ee presuméierte Fall vu Mënschenhandel am éislecker Stiedche Veianen geet. An dësem Fall hunn sech d'Affer zu Wuerd gemellt. Wéi vill Leit aktuell an ähnleche Situatioune stieche bleift ongewosst.

Aus dem Rapport annuel vun der ITM aus dem Joer 2019 geet betreffend dem Mënschenhandel Folgendes ervir :

> «En cas de constatation d'indices ou d'infractions dans le cadre de la traite économique, l'ITM établit un procès-verbal et le continue au Ministère public ainsi qu'à la Police grand-ducale qui est l'autorité compétente en matière de traite des êtres humains.»

An deem Zesummenhang wéilte mir de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Procès-verbaux'en sinn zanter 2010, opgelëscht no Joer, un de Ministère public an/oder d'Police weidergeleet ginn ?
2. Wéi vill vun dëse Procès-verbaux'en sinn «sans-suite» klasséiert ginn ?
3. Wéi vill Enquêtë betreffend Mënschenhandel konnten am Joer 2019 zu Lëtzebuerg ofgeschloss ginn a wéi vill Zäit ass fir déi eenzel Fäll, tëscht der éischter Plainte, respektiv dem éischte Procès-verbal an dem Uerteel vergaangen ?
4. Ass de legale Kader betreffend dem Mënschenhandel an den Ae vun den Dammen an

Häre Ministeren nach zäitgeméiss ? Ass virgesinn der ITM méi Moyenen ze ginn, fir géint Fäll vu Mënschenhandel virzegoen ?

5. Wéi kann een an den Ae vun den Dammen an Häre Ministeren d'Kommunikatioun tëscht de verschidden Instanze verbesseren ? Wéi kéint een d'Zesummenaarbecht tëscht de Verwaltungen optiméieren ?

6. Wéi steet den Här Minister zum Fait, datt d'ITM, RTL-Infromatiounen no, deelweis iwwerfuerdert ass mam Opschaffe vu komplexe Firmenkonstrukter an deemno vun de Moyenen hier net à même ass, fir een adequate Suivi vu verschidden Affäre kënnen ze assuréieren ?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député